Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Programmekipp

## Komm mat...*Challenge!*

## Checklëscht

All Trupp aus all Branche kann deelhuelen um Challenge.

Am Projet sollen déi 5 Haaptpunkte vum RAP enthale sinn. Dës Punkte mussen net eenzel ofgehakt ginn mee sollen an dat Ganzt mat afléissen. Esou fënnt een déi eenzel Punkten z.B. hei:

- Soziaalt: Zesummen am Grupp mat vill Interaktioun, eppes fir d'Matmenschen
- Gefiller: Mir hu Spaass, mir erliewen eppes Flottes, wellen e konkret Resultat
- Kierper: Beweegung dobaussen, de Kierper fuerderen, kierperlecht Wuelbefannen
- Spirituellt: Sech dem déiwere Sënn bewosst sinn, moralesch a séilescht Wuelbefannen
- Geescht: Matausschafe vum Projet, Bilan zéien, interlektuel Erausfuerderung

Wichteg ass, datt déi Jonk an all d'Punkte mat abezu ginn an dass d'Participatioun grouss geschriwwe gëtt. Doduerch dass si kënne matschwätzen, matgestalten a matbestëmmen iwwerhuelen déi Jonk Responsabilitéit a kënnen esou hir eege Kompetenzen op- an ausbauen.

Och "Abenteuer" soll dëst Joer an de Fokus réckelen. Domat versti mir net onbedéngt Saachen déi "méi héich" oder "méi wäit" ginn, mee mir wëllen zesummen Neies ausprobéieren an eis aus dem Gewinnten raustrauen. Zesumme wëlle mir dëst ausprobéieren, eis amuséieren a Spaass hunn.

De Chef ka selwer beurteelen op d'Punkte vun der Checklëscht erfëllt sinn an d'Balken esou ausfëllen wéi et fir seng Trupp am beschten as.

De Projet soll wa méiglech festgehal ginn (Foto, Film, ...). Dës Resultater sollen esou séier wéi méiglech nom Projet u programm@lgs.lu geschéckt ginn fir op deene verschiddene Plattformen (Site, FB, Instagram, Chefdag) ze presentéieren. Wichteg ass et datt dir den Accord vun äre Guiden a Scouten hutt.

An der Annexe vun dësem Dokument fannt dir :

- Checklëscht ugepasst un d'Biber & Wëllefcher
- Checklëscht fir d'Guiden a Scouten ab dëm Avex-Alter.

All weider Informatioune stinn op lgs.lu/komm-mat

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Programmekipp
5, rue Munchen-Tesch | L-2173 Lëtzebuerg
programm@lgs.lu | lgs.lu


E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG